

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

E ganz rezente Virfall, bei deem de Reen eis esou elle matgespillt huet, datt offiziell vun enger Naturkatastroph geschwat gëtt, huet fir Chaos an Noutstänn gesuert. Dee ville Reen huet an enger Héichwaasserkatastroph geendegt an huet mat sëllegen Iwwerschwemmunge fir Evakuéierungen an dramatesch Schied am Land gesuert.

Ganz vill Leit hunn d'Gefor net komme gesinn an et goufen och keng gréisser Kommunikatioun gemaach, fir d'Leit ze warnen. Wéi een am Tageblatt vum 16. Juli noliese kann, wier och vergiess ginn, d'Leit via GouvApp, der Alarm-App vun der Regierung fir Katastrophefäll, ze benoriichtegen. Et heescht do och, d'Madamm Banneminister hätt gesot, si wéilt dofir suergen, datt dëse Programm an Zukunft besser funktionéiert an dës App och vu méi Bierger genotzt gëtt.

Et soll een dobäi awer net vergiessen, datt dëst zwar als zousätzlech Moosnam e Plus duerstelle kann, wann de Programm vun der Regierung funktionéiert an net vergiess gëtt. Allerdéngs ginn et och Leit, déi kee Smartphone hunn oder och kee wëllen. Dës Leit sollte bei esou wichtege Warnungen dann och net vergiess ginn.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Gemengen hunn nach eng Sireen? Firwat huet net all Gemeng eng Sireen?
2. Ass d'Regierung der Meenung, datt esou e Sireenenalarm als Warnsignal fir d'Bevëlkerung trotz digitalen Zäite Sënn mécht? Wann nee, firwat net?
3. A wat fir Fäll gëtt d'Sireen haut nach als Warnsignal genotzt?
4. Gëtt et eng offiziell Löscht vu Warnsignaler mat Sireen? Wa jo, wou kann een dës consultéieren?

5. Oder gëtt et een eenzegt allgemengt Warnsignal mat Sireen, dat d'Leit drop hiweist, datt si sech iwwer Radio oder Internet informéiere sollen iwwert eng geféierlech Situatioun oder eng méiglech Katastroph oder eng aner reell Gefor?
6. Gouf et en Héichwaasseralarm mat Sireen? Wa jo, a wat fir Gemenge gouf dëse Sireenenalarm ausgeléist an zu wat fir engem Zäitpunkt? Wann nee, soll dat an Zukunft gemaach ginn? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten